

Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här  
Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'POST steet wéinst den Niddregzënsen finanziell ënner Drock a muss eng Rei Moosnamen  
huelen, fir deem entgéint ze wierken. Säit dem 1. Januar mussen Clienten vu Postcheckkonten  
zousätzlech Fraise bezuelen an uechter d'Land ginn ëmmer méi Postbüroen zou, wat en  
immensen Effet op d'Liewesqualitéit an dat soziaalt Liewen am ländlechen Raum huet.

An deem Zesammenhang géing ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Zomm huet de Staat als 100 Prozent Aktionär vun der POST an de Joren  
2013 bis 2021 jeeeweils als Dividend empfaangen?
- 2) Gesäit d'Regierung am Kader vum finanziellen Drock ënnert deem d'POST steet vir,  
fir an den nächste Joren op eng Dividend ze verzichten, fir d'Eigenkapital vum Betrieb  
net weider ze belaaschten?
- 3) Sidd dier net och der Meenung datt Post eng wichteg Missioun vun "intérêt public"  
ze erfëllen huet, an hier Decisiounen net eleng op Rentabilitéitscritèren soll  
baséieren ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding  
Deputéierten

